



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/04/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kultur, Interieur & Wunnéngsbau weiderzeleeden.

D'Schlass vun Eesebuer, dat zanter 2009 a senger Integralitéit ("les immeubles du Château d'Eisenborn, y compris le jardin et l'étang") als Monument national klasséiert a geschützt ass, steet anscheinend viru gréissere Verännerungen:

Virun e puer Wochen huet d'Gemeng Jonglënster en Avis aushänke gelooss, mat deem d'Bierger a Biergerinnen opgefuerdert goufen, sech zur "Démolition de la grange de l'ancien couvent de Eisenborn" ze äusseren. Gemengt ass de lénke Fligel vum Schlass a Bauhär ass de Fonds du Logement, deen zanter 30 Joer Proprietär vun de Gebailechkeeten ass. Een Deel vum Gebai soll ofgerappt an duerch en Neibau ersat ginn.

An hirem Avis schwätzt d'Gemeng vun der "Démolition d'une grange", während an den Accusés de réclamation vun der "Démolition partielle du Château d'Eisenborn" geschwat gëtt. Et handelt sech hei net ëm eng classesch Scheier, mee ëm Ställ, Wirtschaftsraum a warscheinlech och Wunnraum fir d'Personal.

De Fonds du Logement krut am Februar 2022 an engem Schreiwes vum Kulturministère matgedeelt, datt d'Demolitioun duerchgefouert ka ginn ënnert der Bedéngung, datt d'Fënstersténg, d'Encadrementer vun de Portaler an nach aner Hasteng versuergt solle ginn, wat kloer drop hindeit, datt et sech ëm eng stenge Konstruktioun, an net ëm eng einfach Scheier handelt. Wann all dës Steng solle versuergt ginn, sou kann een sech d'Fro stellen, ob et net besser wier, dëst denkmalgeschützte Gebai stoen a renovéieren ze loosse.

Der Gemeng Jonglënster, déi hir Demolitiounsprozedur elo provisoersch gestoppt huet bis d'Fro vun der richteger Designatioun vum Niewegebai gekläert ass, sinn d'Hänn gebonnen: dat beträffend Gebai ass zwar Deel vun engem Monument national, awer am PAG net als solcht geschützt. Si ka sech deemno der geplangter Demolitioun net widdersetzen, mä héchstens dofir suergen, datt dat neit Gebai vun der Bausseform hir deem alen



www.piraten.lu

entsprécht.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Madamm Kulturministesch, d'Schlass vun Eesebuer ass als Ganz geschützt. Ass et ze veräntweren, en Deel dovun ofzerappen, fir op der selwechter Plaz erëm eppes Neies opzeriichten? Wéi ass dat ze justifiéieren, och virum Hannergrond vun der Konventioun vu Granada, déi Lëtzebuerg 1985 ënnerschriwwen huet, a wou et dorëm geet "à éviter que des biens protégés ne soient défigurés, dégradés ou démolis" (Art. 4.2.)?
2. Madamm Kulturministesch, wéi ass et ze erklären, datt d'Bezeechnung vun engem Gebai sou schwierig ass? Kann dat vläicht dorop berouen, datt sech net genuch mat der Geschicht vun de Gebailechkeeten ausernee gesat gouf?
3. Madamm Kulturministesch, am Februar hudd Dir dem Fonds du Logement Ären "Accord de démolition" ginn. Wéi ass dës Schrëtt nozevollzéien, well et sech jo em en Monument national handelt, an Dir gläichzäiteg betount, datt d'Fënstersténg, d'Encadrementer vun de Portaler an nach aner Hasteng versuergt solle ginn?
4. Här Logementsminister, de Fonds du Logement wëll, no laangem Hin an Hir, Wunnengen am Schlass vun Eesebuer ariichten. Wéi vill Wunnenge sollen hei entstoen? Wann et e Kapazitéitsproblem sollt ginn, da kéint een och den Daachstull nach ausbaue, well dee fréier méi héich war.
5. Här Logementsminister, wisou kann dës Projet vum Fonds du Logement net am Kader an am Respekt vun de besteende Gebaier geschéien? Ass d'Ofrappe vun engem Deel vun engem historiesche Gebai an en Neibau ökologesch ze veräntweren? Wier et hei net um Staat mam gudden Beispill virzegoen an eng Virreiderroll am respektvollen Ëmgang mat eisem Patrimoine anzehuelen?
6. Madamm Inneministesch, ass et normal, datt de Klassement vun engem Gebai als Monument national keen Nidderschlag am PAG vun der beträffener Gemeng fënnt? Wéi vill esou Fäll ginn et? Wann dës Usus ass, misst deen Ëmstand net verännert ginn?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

